# Uewerkuerer Vëlosschoul



# Firwat eng Vëlosschoul?

An der Grondschoul zu Uewerkuer gi Schüler a Schülerinne motivéiert fir mam Vëlo zu fueren.

Am Kader vun der Mobilité douce a virum Hannergrond vu méi Beweegung an engem méi gesonde Liewen ass d'Uewerkuerer Vëlosschoul entstanen. Dës nohalteg Initiativ ass eent vun den Ziler vum aktuelle Plan de développement d'établissement scolaire vun der Schoul.

Vum Precoce u setzt d'Schoul sech an, fir den Ëmgang mam Vëlo ze fërderen an de Schüler a Schülerinnen hir Fuer- a Sécherheetstechnik ze verbesseren. Um Enn vum Cycle 4 gëtt e Concours zesumme mat der Police organiséiert, d'Coupe scolaire.

# Viraussetzungen:



- **Teamaarbecht**
- **Material:** Vëloen, Lafrieder, Helmer
- **Übungsparcours**
- **Hannergrondwëssen:** Formatioune mat der Madamm Suzie Godart an dem Här Norbert Ruschel, organiséiert iwwer den Ifen, Radfahren in der Grundschule
- **Infobréif zum Projet** fir d'Elteren

# Wéi leeft et generell an eiser Vëlosschoul of?

- **Spaass um Vëlo:** All Kand soll d'Méiglechkeet hunn, sech individuell ze entwéckelen
- **Gemeinsam Ziler pro Cycle**
- **Vëlosführerschäin:** De Fürerschäin dokumentéiert pro Cycle déi eenzel Kompetenzen a Fortschrëtter vun alle Schüler a Schülerinnen iwwer déi ganz Schoulzäit




- **Endzil:** D'Schüler an d'Schülerinnen ginn op d'Coupe scolaire an op d'Participatioun un der Coupe scolaire nationale virbereet.
- **Mobilitéitswoch:** Divers Aktivitéiten zum Theema Mobilitéit ginn organiséiert an op engem Übungsparcours gëtt den aktuelle Stand vun all Schüler a Schülerin festgestallt.





## Precoce

Initiatioun Trottinett/Lafrad

Stoppschëld + Verkéiersluuchten + Zeebrasträife kennen

## Cycle 1



Klenge Parcours (1) mam Lafrad absolvéieren

Klenge Parcours (1) mam Vëlo absolvéieren

Éischt Reegelen am Stroosseverkéier (rout Luucht, Zeebrasträifen, Stopp-schëld ...) kennen

Bremsen a stoe bleiwen



## Cycle 2



Parcours (2) mam Vëlo (mat zwou Hänn) absolvéieren ○

Slalom (1) ○

Bremstest (1) ○

Op riichter Streck eng Hand lassloossen ○

Stoppschëld an Dräieck kennen ○

## Cycle 3

Parcours (3) mat Virfaart, Stoppschëld an Zeebrasträifen absolvéieren ○

Slalom (2) ○



Gäng wiesselen ○

Bremstest (2) ○

Handzeeche ginn ○

Ketten erëm opleeën ○

## Cycle 4

- Bremsen a gläichzäiteg Handzeeche ginn ◯
- Parcours (4) mat Virfaart, Stoppschëld, Handzeechen an Zeebrasträifen absolvéieren ◯
- Slalom (3) ◯
- Ufueren a gläichzäiteg Handzeeche ginn ◯
- Platte reparéieren ◯
- Coupe scolaire ◯



**Fir wien ass dës Broschür geduecht?**
All interesséiert Grondschoul an SEA zu Lëtzebuerg

**Kontakt**
Fir weider Informatiounen oder fir eng eventuell Hospitatioun an der Grondschoul Uewerkuer ze maachen, kann ee gär Kontakt ophuele mam:

**Claude Floener:** claude.floener@education.lu
**Daniel Bauler:** daniel.bauler@education.lu

D'Grondschoul seet op dësem Wee der Gemeng Déifferdeng an dem Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (Script) Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Schoul Uewerkuer

SCRIPT